## Zesummen Ennerwee

Youtube : Texte français & Deutscher Text:

Inklusioun vu Leit mat enger Behënnerung, dat huet sech de Rotary op säi Fändel geschriwwen. Bei der Aktioun «Zesummen Ennerwee», wou all Rotary Clibb aus dem Land zanter 1981 un engem Strack zéien, lueden si all leschten Sonnden am September an d'Hal Irbicht op Biereng bei Miersch an, wou si mat der APEMH, Fondation du Tricentenaire an änlechen Associatiounen zesumme schaffen.

*Source vum Text: https://www.rtl.lu/radio/feature/s/4564887.html*



D'Iddi vum «Zesummen Ennerwee» geet op de fréieren Gouverneur Lucien Emringer zeréck. Déi 40. Gebuertsdags-Editioun war e groussen Ament fir déi 480 ageschriwwe behënnert Leit mat hiren Encadreuren, déi duerch d´Präsenz vum Grand-Duc an der Grande-Duchesse bei der Ofschlossfeier zu Biereng eng besonnesch feierlech Note krut.

Insgesamt waren méi wéi 250 Rotarier(innen) zu Biereng an a 10 verschiddenen Atelieren iwwert d´Land am Asaz. Eise Club, den RC Dikrech-Ettelbréck, ass ëmmer matt 2 Ekippen beim „Zesummen Ennerwee" dobäi, eng zu Biereng beim Grill an eng zu Weyer, wou déi behënnert Leit um Päerd reiden oder e flotten Tour mat der Päerdskutsch maache kënnen.












40
éditioun











